Ouverture am Fléissgewässer

Och dëst Joër haten sech d'Memberen vum Flyfishing Club Lëtzebuerg op den Strecken vun der Entente Uewersauer getraff fir zesummen, op der Ouverture vun der Forell am Fléissgewässer, mat der Méck ze fëschen. Et wor ganz gudd Wieder op dësem 1. Abrëll, Moies woren et zwar nach 3,5 ° ënner Null mée ewei d'Sonn bis eraus wor sin d'Temperaturen séier an d'Luucht gaangen och wann se net iwwer 12° plus erauskomm sin. Den Mich, Patrick, Jemp Jang an den Luss hun sech op der Wolz zu Kautenbaach getraff an den Erny, René, Jang an den Jeek haten sech Rendez – vous gin zu Mechela fir op der Uewersauer unzefänken.

Bedéngt duurch déi déif Temperaturen sutzen d'Fësch nach um Fong esou dass sech d'Fëschen mam Streamer an der Sinkschnouer ungebueden huet. Et huet dann och net laang gedauert an déi éischt Forellen fir dëst Joër haten ungebass.

Nodeems dun jiddvereen ee puer schéin Forellen gefaangen hat sin mir op d´Burschter - Millen an den Hotel de moulin gefour ewou sech d´Memberen vum Flyfishing Club Rendez – vous gin haten fir zesummen zu Mëtteg ze iessen. Natirlech sin dun eemol direckt déi frësch Erliewnesser ënnereneen ausgetosch gin an deen een oder anneren gudd geméngten Rot wor natirlech och unbruecht. Jee schon beim Apperitif woren Alleguer an hirem Element an déi gudd Stëmmung sollt sech dann och während dem ganzen Iessen fortsetzen, esou ass villäicht dann och ze erklären dass mir zimlech laang an virun allem ganz ausgiebeg zu Mëtteg giess hun. Iwwert dem Iessen sin natirlech och all Erennerungen vun vireschten Sortien opgedëscht gin. Esou woren mir an Gedanken an Irland, Schottland asw. ewou mir deen een oder anneren Saumon oder schéin brown Trout nach éng Kéier gefaangen hun. Natirlech huet och ee bëssen Gestëppels dozou gehéiert, et huet eis un Näischt gefeelt an beim Dessert wor et zeguer an d´Verlängerung gaangen déi an Form vun Bamkuchiessen ausgespillt gouf. Hei hat den Erny, ewei ëmmer bei deenen séissen Saachen, d´Nues fir an huet deen meeschten Bamkuch ofgeraumt. Mat vollem Bauch, gudd gelaunt an mat zeffridenen Gesichter ass dun déi zweet Halschent agelaut gin.

Och Mëttes haten mir eis erëm opgedeelt an ewei mir dun am schwaarzen Pull unkomm sin woren den Joël an den Norbert schon am Gaangen ze fëschen, Sie sin allen béid Memberen an der Méckenfëschersektioun ewou och déi meeschten Fëscher vum Flyfishing Club Member sin an ënnert den Fëscher vum Flyfishing Club sin der natirlech och vill déi un der Landesmeeschterschaft am Méckenfëschen deelhuelen an och sos ganz aktif d´Méckenfëschersektioun ënnerstetzen. Unsech ass den Krees vun Méckenfëscher an Lëtzebuerg esou iwwersichtlech dass een éischter vun énger grousser Famill vun Gläichgesënnten schwätzen kann déi sech ennereneen kennen an respektéieren.

Och hei ass natirlech den leschten Beschass ausgetosch gin ewell dat beim Fëschen einfach dozou gehéiert. Et woren allgeméng iwwerhaapt vill Fëscher déi dëst Joër fir d´Ouverture den Weë bei d´Waasser fond haten, wat bestëmmt och op dat gudd Wieder zeréck ze féieren wor. Leider hun mir Mëttes kéng Fësch méi gefaangen, mée nodeems mir schon vill erliewt haten wor dat och nëmmen nach niewensächlech an d´Ouverture huet sech als gudden Unfank erausgestallt.